



wat ech gesot hunn - déi néideg Mesuren ergräifen, fir d'Produktioun, d'Vermaantung an d'Benotzung vun dese Substanzen ze eliminéieren. Dobäi geet dëst Règlement méi wäit wéi verschidden international Accorden. Well mer jo an Europa selwer sinn, kënnen mer jo och vläicht e bësse méi streng virgoen. Et gétt och kloer verlaangt, dass souwuel d'Produktioun wéi och de Gebrauch vun de POPe mussen agestallt ginn.

Ech wëll elo just hei hiweisen op e klengen Aspect, wéi ech déi Ried hei geschriwwen hunn. An den 80er Joren hu mer festgestallt, dass mer Hautkriibs géife kréien. Dunn ass sech gefrot ginn, wéisou dass da grad déi mat der wäisser Hautfaarf - dat si mir - méi ënnert deem Kriibs leide wéi déi mat der donkler Hautfaarf. Dunn ass festgestallt ginn, dass dat eben duerch d'Ozonschichtverdënnung géif kommen.

Wat ass du lancéiert ginn? Well mer Angscht virum Kriibs haten, hu mer ganz séier d'Montréal Konferenz ageruff a mir hunn am Joer '87 deemools verbueden, dass FCKWen agesat sollt ginn. Et misst een also och elo drop hindeiten a soen, wat deemools gelongen ass bei Montréal, fir d'FCKWen anzeschränken an anzedämmen, misst och passéieren hei mat de POPen.

An hei kann ee bal nëmme rappeléieren an hiweisen, dass mat REACH hautdësdays, mat där Agence, déi mer zu Helsinki hunn, vläicht dann elo déi néideg Schrëtt kommen, dass mer an der Europäescher Unioun probéieren, iwwerall, wou et méiglech ass, d'Produktioun an de Gebrauch vun de POPen anzestellen.

► **Une voix.**- Et risquéiert awer, nach 20, 30 Joer ze daueren, bis et esou wäit ass!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Ech mengen, dass Dir aus dësen Ausféierungen héiert, dass mir hei e wichtege Projet hunn, dee sech ganz speziell mat der Gesondheet ofgëtt an och mat der Biodiversitéitsprotektioun.

An erëm eng Kéier soen ech, ech géif lech bieden, dese Projet de loi unzehuelen. Den Accord vun der CSV bréngen ech hei mat eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis. Als eenzege Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen, deen och elo d'Wuert kritt. Här Berger, wann ech gelift.

## Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëllt dem Rapporteur och Merci soe fir säi kuerze mä ganz ausféierleche Bericht. Mir leien och déi POPe ganz besonnesch um Häerz, och menger Fraktioun. Ech hat ënner anerem d'Eier, déi Konventioun vu Stockholm fir Lëtzebuerg ze ënnerschreiw, an dofir sinn ech och interesséiert drun, wéi de Suivi dann duerno geschitt ass.

Ech wëllt eigentlech nëmmen eng kuerz Fro stellen um den delegéierte Minister. Dat ass dat, wéi de Moment d'Situatioun zu Lëtzebuerg ass mat de POPen. Si mir eigentlech hei zu Lëtzebuerg POPe-fräi oder gëtt et hei och nach Plazen, oder respektiv Problemer an deem Beräich?

Merci.

## (Interruptions)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Eugène Berger. Et kritt direkt d'Wuert den delegierten Nohaltegekeetsminister, fir Stellung ze huelen an dem Här Berger op seng Fro ze äntweren.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Jo, Här President. Merci dem Rapporteur och vu menger Säit. Just vläicht, fir kuerz e Wuert ze soen zu Lëtzebuerg. Ech mengen, dass ganz vill Positives geschitt ass doduerch, dass beispillsweis iergendwann d'Sinteranlage stëllgeluecht ginn, dass an der Stolindustrie respektiv bei den Héichiewen, déi do duerch Elektrohéichiewen ersat gi sinn, ganz vill passéiert ass duerch Ofgasbehandlungsanlagen.

Bei der Müllverbrennung beispillsweis: Elo huet d'SIDOR e modernen Uewe mat och enger exzellenter, performanter Ofgasbehandlung, sou dass mer kënnen soen, wa mer beispillsweis d'Dioxinen an d'Furane kucken, dass mer, wa mer d'Joren 1992, 1994 vis-à-vis vun 2007, 2008 vergläichen, dann hu mer eng Reduzéierung ëm de Faktor 4, wat also, wéi gesot, déi dote Belaaschtung, wat ee Bestanddeel ass vun de POPen, ubelaangt.

Dann, fir vläicht nach eng oder zwou Zuelen ze soen: Am Kader vun de POPen hu mer och de Problem bei der Verbrennung vun Holz a Mazout, wat ech virdru scho kuerz gesot hunn, wou mer mussen aktiv ginn. Ech hu gesot, dass mer un enger Reglementéierung schaffen. Mä besonnesch bei der Verbrennung vun Holz ginn och PAKe fräi, also polyzyklesch aromatesch Kuelewaasserstoffer, an do kënnt - fir lech de Verglach ze maachen - zu Lëtzebuerg déi gréisst Belaaschtung vun den Heizungsanlagen, also Mazout, Holz an eventuell anerer, 66% ëmmerhin, während bei de Stolverker, Elektrostolverker nëmmen 11% kommen. Dat ass anescht bei den Dioxinen a Furanen, wou dee gréissten Deel, 53%, vun den Elektrostolverker kënnt, an de Verkéier nëmme 6% beispillsweis ausmécht.

Gutt, dat gesot, wollt ech Merci soen, och der Kommissioun nach eemol, an ech hoffen, dass dee Projet eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënn.

► **M. le Président.**- Sou, Merci dem Här delegierten Nohaltegekeetsminister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Mäin Apparat ass net..., do ass ee Problem!

► **M. le Président.**- Mir notéieren den Här Fayot.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Jo, wann Der wëllt esou léif sinn, Merci.

► **M. le Président.**- De Vote ass ofgeschloss.

A fir d'Drëtt haut de Mëtteg hu mer ee Projet, den 6224, dee mat der Unanimitéit vun alle Votanten ugeholl ginn ass, nämlech mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6224 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch (par M. Camille Gira), Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo effektiv zum leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 6235, eng Konventioun mat Moldawien iwwert d'Sécurité sociale. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just agedroen den Här Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

## 12. 6235 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Moldavie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 14 juin 2010

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapporteuse*.- Merci, Här President. Wéi vill Zäit hunn ech dann, et ass jo nach fréi am Owend?

► **M. le Président.**- Dir hutt zéng Minutten, Madame Dall'Agnol.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapporteuse*.- Ech hunn de Kollege versprach, mech kuerzefaassen.

► **Une voix.**- Elo sinn et der nach néng.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapporteuse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen also elo, wéi de President et ugekënnegt huet, zum Projet de convention an der Matière vun der Sécurité sociale mat der Republik Moldawien.

Dese Projet, dee gouf vun eiseem Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, den 23. Dezember d'lescht Joer déposéiert. De Statsrot, deen huet säin Avis den 22. Mäerz dëst Joer ginn. An der Réunioun vum 10. Februar huet d'Gesondheets- a Sécurité-sociale-s-Kommissioun mech als Rapportrice vum Projet bestëmmt. Mir hunn den Avis vum Statsrot an der Réunioun vum 24. Mäerz gekuckt an dunn an eiser Sitzung vum 31. Mäerz de Rapport zum Projet de loi unanime ugeholl.

Wat ass elo awer den Objet vun dësem Projet de loi, deen, wéi gesot, eng Konventioun ass an der Matière vun der Sécurité sociale, déi Lëtzebuerg mat der Republik Moldawien ofschléisst? Ma dës Konventioun, déi garantéiert all d'Rechter an der Matière vun der sozialer Sécherheet fir all Persounen, déi souwuel successiv wéi alternativ engem oder deem anere Regime vun deenen zwee Staten ënnerleien.

E suivéiert am Generellen eigentlech déi Konventiounen, déi mer ëmmer maachen, bilateral Konventiounen, déi ofgeschloss ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen eenzelne Staten also. D'Applikatiounen dovun ginn op déi eenzel Beräicher vun der Sécurité sociale an. Et sinn dat d'Assurance pension de vieillesse, d'invalidité et de survie. D'Prestations familiales, déi si koordinéiert op Base vum Critère de résidence. Ausgeschloss dovunner ass de Volet vun der Assistance sociale, awer och d'Prestatiounen vun de Victimes de guerre. Beträff dovun sinn all Leit mat kenger Distinction vun hirer Nationalitéit, a si begräift sech op d'Persounen selwer souwéi och op hir Familljen an hir Survivanten.

E puer weider Infoen zur Konventioun sinn déi, dass d'Gens de mer, d'Séileit also, där Législatioun ënnerleien, wou se wunnen. Dës Optioun hate mer och schonns an der Konventioun geholl, déi mer mat Indien respektiv och mat Argentinien ofgeschloss hunn.

D'Fonctionnieren an assimiléiert Personal sinn där Législatioun ënnerworfen, mat där se e Kontrakt hunn, dat heescht, aus deem Land, wou hir Administratioun hierkënnt, déi se beschäftegt.

Wat elo den Détachement ubelaangt, sou gesäit d'Konventioun an hirem Artikel 9 vir, dass während zweielef Méint den Travailleur där Législatioun ënnerläit, wou en normalerweis drënnerfält, an dass dës Period nach eemol maximal zweielef Méint kéint verlängert ginn, wann en Accord do ass tëschent deenen zwee betraffene Länner.

Eng aner Derogatioun, déi betrëfft d'Salarié vun Transportgesellschaften, déi bleiwen och där Législatioun ënnerworfen, wou d'Gesellschaft hire Siège huet.

Nach e puer Infoen zu deem Land, mat deem mer dës Konventioun ofschléissen: Moldawien huet laut der leschter offizieller Volkszählung vun 2008 ronn 3,3 Milliounen Äwunner. Et war bis zu senger Onofhängegkeet de 27. August 1991 Deel vun der Sowjetunioun, an Haaptstad war deemools an ass och nach haut Chisinau.

D'Amtssprooch ass Rumänesch, och wa Russesch an Ukrainesch natierlech wäit verbreet bleiwen, well ëmmerhin hunn nach ëmmer bal 27% vun der Bevëlkerung och nach haut russesch oder ukrainesch Originen.

Zënter der Onofhängegkeet, also zënter Mëtt 1991, sinn och verstärkt Moldawier an Europa ausgewandert, deemno also och op Lëtzebuerg. Dir gesitt also, dass dës Konventioun sénnvoll ass, an dofir zrëck zum Projet de loi, wou de Statsrot säin Avis ginn huet, an zwar unanime. En hat also keng Objektionen oder Remarques zu dësem Projet de loi ze maachen.

D'Konventioun (veuillez lire: Kommissioun) huet dann dunn deen Avis gekuckt, huet och iwwert de schrëftleche Rapport diskutéiert an dësen unanime akzeptéiert, an ech géif dann och d'Plénière bieden, dese Projet de loi ze stëmmen. D'LSAP gëtt op alle Fall hir Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, oder fir et an der Sprooch vu Moldawien ze soen: Vă mulțumesc pentru atenție!

► **M. le Président.**- Merci der Rapportrice, der Madame Dall'Agnol, déi esou komplett war, dass kee méi nach muss dozou schwätzen. Och d'Regierung wëllt näischt méi dozou soen, sou dass d'Diskussioun ofgeschloss ass a mir zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

A fir d'Veiert de Mëtteg gëtt hei e Projet de loi, de Projet de loi 6235, à l'unanimité ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Marie-Josée Frank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber Dispense vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer erëm um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.27 heures)**